

Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer et Georges Wohlfart (par Mme Lydie Err);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4920. Et sinn ageschriwwen déi Häre Krecké, Graas a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

12. Projet de loi 4920 relatif à la participation du Grand-Duché de Luxembourg à la 5^e reconstitution des ressources du Fonds International de Développement Agricole

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Fonds International de Développement Agricole, kuerz och FIDA genannt, ass keng iwwerméisseg bekannten Organisatioun, an dach mécht en awer eng Zort Aarbecht an der Welt, déi sécher wäertvoll an appréciabel ass, an zu där eist Land regelméisseg och e finanzielle Beitrag leescht. Ëm genee dëse Beitrag geet et an deem heite Projet de loi.

De FIDA ass eng Organisatioun, déi an den Entwécklungslänner uerchert d'Welt landwirtschaftlech Entwécklungsprojete finanzéiert. Dës Projete kënnen mat landwirtschaftlecher Produktioun ze dinn hunn oder mat der Kommerzialiséierung vu Produkter. Si hunn awer eppes gemeinsam: Et geet bei der Aktioun vum FIDA ëmmer drëm, eng Ufankshëllef oder eng Starthëllef ze leeschten. An der Realitéit sollen déi implizéiert Leit nom Ofschloss vun deem FIDA-Projet selwer kënnen hir Aktivitéit weiderféieren an esou sech selwer an hir Familljen ernähren kënnen.

D'Tatsaach, dass de FIDA also Hëllef zur Selbsthëllef bedreift, erkläert datt en net mat risege finanzielle Bei-

träg operéiere muss. De Gesamtvolum vum deem jährleche FIDA-Budget beleeft sech op ronn 400 Milliounen Dollar. De FIDA reconstituéiert periodesch seng Ressourcen. Well e keng eege Recetten huet, fonctionnéiert dat duerch regelméisseg Erhiewungen, enger Aart Cotisation, déi seng Memberstaten da bezuelen. Fir déi fënneft Reconstitution vum de Ressourcë vum FIDA steet Lëtzebuerg fir maximal 400.000 Dollar bereet. Tatsächlech wäerten et wuel zimlech genee och 400.000 Dollar sinn, well déi fënneft Reconstitution vum FIDA soll déiselwecht Gesamtzomm opbréngen wéi déi véiert, an och deemools hu mer 400.000 Dollar agespeist.

Zu dëser lëtzebuergescher Partizipatioun ass am Prinzip soss net vill ze soen. Mir leeschten hei e korrekte Beitrag zu enger Tätigkeet, déi ënnert der Egide vum der UNO stattfënnt a sech aschreift an déi weltwäit Bestriewungen a Saachen Entwécklungszesummenaarbecht.

Et kéint een allerdéngs nach vill zur Sënnfälligkeet vum FIDA senger Aarbecht soen. Se zielt nämlech virun allem genau dorop of, fir déi ländleche Aarmut ze bekämpfen an déi Leit am ländleche Raum a villen Entwécklungslänner zu wirtschaftlechen Acteure ginn ze loossen. Si ginn am Kader vum esou Projeten, wéi de FIDA se finanzéiert a matgéreiert, an d'Situatioun versat, hiert Liewen op manner kuerzfristeg Manéier plangen ze mussen. Wann ee weess, datt et weltwäit nach dräi Milliarde Leit gëtt, déi pro Dag manner wéi zwee Dollar zur Verfügung hu fir ze iwwerliewen an datt ronn eng Milliard net emol een Dollar pro Dag hunn - dëst ass déi vun der UNO unerkannte Grenz vum der absoluter a batterer Aarmut -, da gesäit een, dass dës Leit all eenzelnen Dag mussen dofir suergen, datt se eppes ze iessen hunn. Se liewe sou ze soen an den Dag eran, oder wéi mir géife soen, vun der Hand an de Mond.

Entwécklungsprojeten am ländleche Raum sollen dozou bäidroen, datt fir ëmmer méi eng grouss Zuel vu Leit méi eng laangfristeg Liewensplanung méiglech gëtt. Si sollen d'Méiglechkeet kréien, iwwert den Dag eraus ze wëssen, firwat se schaffen, an datt vun hirer Aarbecht net nëmme si selwer an hir Familljen, mä och vill Matmënschen an hiren Dierfer kënnen profitéieren. Grad just am ländleche Raum ass et nämlech méiglech, mat relativ bescheidenem, mat relativ wéinegem finanziellen Opwand wirtschaftlech Aktivitéiten awer un d'Rullen ze kréien an domat dem ganzen Duerf op d'Been ze hëllefen.

Am Kontext vum der städtescher Aarmut ass esou eng Démarche wesentlech méi schwéier. Do ass et nämlech guer net einfach, konkret Usätz ze fannen, well déi sozial Bindungen tëschent de Leit manner oder guer net existéieren. Duerch de permanente weideren Zoustroum awer vu Leit, déi aus ländleche Géigende fortginn, verschäerfe sech d'Problemer an de Stied vum selwen all Dag weider. Sou gesinn ass d'Entwécklung vum ländleche Raum an deenen ärmste Länner eng konkret Moosnam géint d'Landflucht, a manner Landflucht bedeit och

manner Misär an de Stied, wou d'Populatioun sech duerch esou Moossnamen awer besser stabiliséiere kéinten. Mat enger Stabilisatioun vun der Zuel vun de Leit an de Grousstied géif een elei och besser Méiglechkeete fanne fir d'Aarmut ze bekämpfen.

Här President, dëse Projet schreift sech an déi lëtzebuergesch Efforten am Gesamtberäich vun der Entwécklungshëllef an. Mir sinn eent vu weltwäit fënnef Länner, déi d'UNO-Zil vun der Bereetstellung vun 0,7% vun hirem Bruttoinlandsprodukt fir öffentlech Entwécklungszusammenaarbecht erfëllen. Eise FIDA-Beitrag gehéiert logescherweis an dëse Kontext, an dofir kritt dëse Projet och eis Zoustëmmung.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op de Risiko hin, dass den Här Clement ufänkt sech Froen ze stellen, mä ech kann erëm eng Kéier mat him d'accord sinn an d'Zoustëmmung vun der Gesamtfraktioun zu deem Projet hei bréngen.

M. le Président.- Als nächste Riedner huet den Här Gusty Graas d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vu datt dee Projet hei en Deel Entwécklungshëllef ass, ass et selbstverständlech, datt mir als Demokratesch Partei dem Projet eis Zoustëmmung ginn. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet elo d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ech kann och vun eiser Säit d'Zoustëmmung zu dësem Projet bréngen.

M. le Président.- D'Wuert geet un den Här Urbany.

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Här President, ech hunn och ganz vill Sympathie fir déi kleng Aarbecht, déi um Terrain gemaach gëtt, och fir d'Kooperatiounspolitik vum Minister, och fir seng 0,7% Entwécklungshëllef, mä ech mengen, dat där eis awer nach ëmmer net vergiessen dinn, dass um Terrain eng Realitéit ass, déi bedeit, dass zënter 1950 de Revenu vun 100 Länner erofgaangen ass an och d'Liewenserwaardung an 100 Länner erofgaangen ass, an dass zum Beispill déi dräi rächste Leit op der Welt esou vill verdénge wéi de PIB vun deenen 48 ärmste Länner ass.

Mir hu lo hei den Accord vu Cotonou ofgestëmmt virun zwou Wochen. Dee bedeit ënner anerem eng Liberaliséierung vun de Mäert. Et ass eng Resolutioun vum Europaparlament ofgestëmmt ginn, wou dra steet, dass d'ACP-Länner kaum profitéiert hu vun der Liberaliséierung vun den Echangen. An der Wierklechkeet wäert et jo esou sinn, a ganz ville Froen, dass dat, wat hei a méisamer Klengaarbecht opgebaut gëtt, erëm eng Kéier duerch déi Liberaliséierung vun de Mäert wäert am

grousse Maassstab futti gemaach ginn. Do freet ee sech wierklech, ob do net aner Ustrengungen erfuerdert si wéi déi, déi mer hei sollen ofstëmmen.

Ech gi selbstverständlech awer innerhalb vun deem Fonds International de Développement Agricole dem Beitrag vu Lëtzebuerg meng Zoustëmmung. Ech wollt awer déi Saach do nach eng Kéier soen.

M. le Président.- D'Wuert huet ewell den Här Premier- a Statsminister Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här President, ech si ganz frou, dass den Här Graas richteg erkannt huet, dass ee groussen Deel vun der Lëtzebuerger Entwécklungspolitik iwwert de Finanzministère gemaach gëtt, an dofir ouni Problem grad wéi déi aner Membre vun der Chamber dësem Projet de loi seng Zoustëmmung ka ginn. Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zur Lecture vun dem Article unique vum Projet de loi 4920 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwer de Projet de loi 4920.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 56 Stëmmen eestëmmegeg ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par Mme Nelly Stein), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. John Schummer), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Théo Stendebach), Marco Schroell (par M. Emile Calmes), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jos Scheuer), Mme Mady Delvaux-Stehres (par Mme Lydie Err), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux et Jos Scheuer;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4957 iwwert d'Dräi Eechelen. Et hu sech schonn ageschriwwen déi Häre Scheuer, Schummer, Greisen, Garcia, Urbany a Krecké. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Nicolas Strotz.

13. Projet de loi 4957 relatif à l'aménagement du Parc "Dräi Eechelen" à Luxembourg-Kirchberg

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Hauptstadt ass an deene leschte Joren ëmmer méi zu engem Unzéiungspunkt ginn, net nëmme fir Touristen, mä och fir de Lëtzebuurger selwer, dee sech u senger Hauptstadt erfreet. Mat doru schëlleg ass, datt sech och um kulturelle Plang enorm vill gedoen huet. Ech denken do nëmme un d'Joer 1995, wou Lëtzebuerg europäesch Hauptstadt war. Dëst Groussereignis huet de Wee virgezechent fir eng kulturell Villfalt ze schafen, déi haut ouni weideres anere Stied d'Waasser ka reechen.

(M. Jean Asselborn prend la Présidence)

2007 ass et nees eng Kéier sou wäit, an eis Hauptstadt ass am Verbond mat anere Grousstied aus der Grande Région nees europäesch Kulturhauptstad. Ech sinn iwwerzeegt, dass déi positiv Impulser am Kulturberäich, déi an deene leschte Jore vollbruecht gi sinn, sech op d'Organisatioun vun dësem Groussévénement nidderschloen.

Zwee Joer virdrun, also 2005 schonn, huet Lëtzebuerg erëm d'Présidence vun der europäescher Unioun. Och fir dat Evénement, wou ganz Europa op Lëtzebuerg kuckt, ass et wichteg, datt eis kulturell Projeten, déi mer an deene leschte Jore gestëmmt hunn, wa méiglech, bis da färdeg gestallt sinn.

Et sinn an deene leschte Joren eng ganz Rei vun neie Kulturariichtungen entstanen, déi d'Offer u Konscht a Geschicht iwwer eis Stad an eist Land beräichert hunn. De Musée d'Histoire naturelle, de Stadmusée, den Nationale Konscht- a Geschichtsmusée, de Casino, de Circuit Wenzel an elo ganz rezent de Centre national sportif et culturel, wou mer konnte feststellen, datt eng ganz gutt Akustik dran ass, wat d'Viraussetzung ass fir grouss kulturell Manifestatiounen dran ze organiséieren. Dobäi kommen eng etlech Galerien, Kulturévénementer, Ausstellungen a sou weider.

Aner Projete wéi d'Ëmgestaltung vun der Abtei Neimünster, d'Moderniséierung an d'Sanéierung vum Stader Theater an de Circuit Vauban sti virun hirer Fäerdegstellung.

Konzentrière sech déi elo opgezielte Projeten, mat Ausnahm vun der Coque, am Stadzentrum respektiv an der Alstad, sou ass um Kierchbiere eng Aart Cité culturelle amgaang ze entstoën. Dëst gliddert sech an déi vu viru Joren nei definéiert Philosophie vum Kierchbiere, fir aus dem Plateau Kierchbiere e vollwäertege Stadquartier ze maachen, an dozou gehéiert nun emol e kulturellt Liewen. Ëmmer méi weist sech, datt deen ageschloene Wee dee richtegen ass. Et muss een der Bauteministesch an dem Fong Kierchbiere félicitéiere fir dee Courage, dee se hunn, fir konsequent déi nei Ausrichtung weiderzedreien.

D'Salle de Concert Joséphine-Charlotte fir d'Philharmonie, déi délocaliséiert Nationalbibliothék um Kierchbiere, de Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean, de Musée de la Forteresse an d'Mise en valeur vum Fort Thüngen a vum Fort Obergrünwald komplettéieren op enkem Raum eng ganz Rei vu kulturellen an historiesche Wäerter vun eise Land.

Schued wier et gewiescht, wann de Musée d'Art Moderne, sou wéi d'Stad Lëtzebuerg an d'DP et gewünscht haten, op den Hellege Geescht gebaut wier ginn. D'Konzentratioun vu Kultur am Stadzentrum ass grouss genuch. Hei op deem gewielte Site gëtt de sou genannte Pei-Musée richteg an Evidence gesat. Leider geet et mat der Fäerdegstellung vum Musée net sou richteg virun. Ze hoffen ass, dass d'Paragraphereiderei ëm d'Pierres de Bourgogne geschwënn en Enn fënnt an dass dee gesetzlechen a reglementaresche Bestëmmungen no eng schnell Léisung fonnt gëtt. D'Fakte schéng kloer ze sinn, sou dass ech der Meenung sinn, dass dee Wee, deen d'Mme Minister ugekënnegt huet, lo schnellstens duerchgezu muss ginn.

Wichteg ass et bei all de kulturelle Projeten, déi um Kierchbiere entstinn, dass se sech openeen agencéieren, net nëmme um architektonesche Plang, mä och um Niveau vum Public, fir dass sech e richtegt an authentescht Kulturlewen um Kierchbiere entwéckele kann.

De Projet de loi 4957 relatif à l'aménagement du Parc Dräi Eechelen à Lëtzebuerg-Kirchberg, dee mer haut zur Ofstëmmung hei virleien hunn, wäert an där Hisiicht e wichtige Beitrag leeschten. Ech sinn der fester Iwwerzeegung, dass de Parc op Dräi Eechelen mat dozou bäidréit, datt d'Missioun vun engem Centre de culture kann erfüllt ginn. Dëse Parc wäert zu engem Lieu de rencontre par excellence ginn, wou net nëmme Museks-, Konscht- a Kulturfrënn op hir Rechnung kommen, mä och déi, déi engersäits Rou an Entspannung an anerersäits Animatioun sichen.

Wann ee gesäit, wéi eng touristesch Unzéiungskraaft de Circuit Wenzel huet, dann ass virauszegesinn, datt den